# Clubchampionat déi zweeten Manche zu Rabais

Och dëst Joër ass zu Rabais an der Belscht déi zweeten Manche vum Clubchampionat vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg ausgedroën gin. Bei wonnerschéinem Hierschtwieder haten sech am Ganzen éng 20 Méckenfëscher anfond fir zesummen een spannenden Mätch auszedroën. Éiert et bei d'Waasser gaangen ass hun d'Memberen fir unzefänken nach den leschten Beschass ënnert eneen ausgetosch an esou munech Feinte vun der psyschologescher Krichsféierung ass un den Dag geluecht gin, mée ewei et dun bei d'Waasser gaangen ass dun stuung natirlech d'Freed un der Saach erëm am Virdergrond. Déi zweet Manche vun eisem Championat fënd traditioneller Weis am Stëllwaasser statt ewoubäi déi éischten Manche ëmmer um Floss ausgefëscht gët.

Nodeems déi éischten Manche am September am Heischenter Grond ausgedroën wor, hat sech een Trio vun dräi Fëscher mat schon éngem méi oder wéineger groussen Vírsprong op den Rescht ofgesat an et stuung eigentlech schon bal fest dass nëmmen Een vun Hinnen den Mätch misst wannen. Esou koum et dun dann och dass den Gilson Mich, sénger Säits schon Vize – Champion vun Lëtzebuerg am Méckenfëschen, elo och een wirdegen Clubmeeschter vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg ass. Zweeten hannert Him wor den Pierrot Dan an op déi drëtten Plaz koum den Thoma Raymond, deen och als Gewënner vun der zweeter Manche zu Rabais hervir gaangen ass. Hien hat och deen décksten Fësch dëst Joër, éng Reebouforell vun 44 cm, gefaangen.

Et wor och dëst Joër erëm een interessant Clubchampionat vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg. Mir haten zwee mol gudd Wieder erwëscht an d´Gesellegkeet gouf ewei ëmmer ganz grouss geschriwwen. Et hun sech ewei all Joërs vill Memberen vum Flyfishing Club dëser Erausfuerderung gestallt an sech sportlech uneneen gemoos. Den Oflaaf an d´Organisatioun huet och ewei gewinnt een reibungsloosen Verlaaf gehol an mir frëen eis schon op d´Generalversammlung dat nächsten Joër ewou d´Lauréaten vun dësem Joër dann och zu Éieren kommen.

Elo frëen mir eis awer schon op den 10. November 2012 ewou traditioneller Weis la Sortie du Jamboneau zu la Strange an Belscht um Programm steet, den kulinareschen Héichpunkt vum Joër!

# OFSCHLOSSKLASSEMENT FIR D´JOËR 2012

## Klubfëschen 2012

| Classement | 1re manche | | 2e manche | | Résultat final | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | points | place | points | place | points | place |
| BERTHOLET Gérard | abs. | | 103 | 11 | 103 | 16 |
| BERTHOLET Pit (Junior) | abs. | | 45 | 17 | 45 | 20 |
| DILK Lucien | 84 | 11 | abs. | 0 | 84 | 19 |
| DUMONT Marc | 45 | 12 | 318 | 4 | 363 | 4 |
| DUTON Marco | abs. | | 150 | 9 | 150 | 14 |
| EHR Jean | 162 | 5 | 100 | 15 | 262 | 9 |
| ERPELDING Yvon | 89 | 7 | 98 | 16 | 187 | 12 |
| **GILSON Michel** | **376** | **1** | **373** | **2** | **749** | **1** |
| HANSEN Holger | 87 | 8 | 101 | 12 | 197 | 11 |
| HOFFMANN Jhemp | 45 | 12 | 104 | 10 | 149 | 15 |
| HUSS Claude | abs. | | 323 | 3 | 323 | 7 |
| JUNG André | 302 | 3 | 45 | 17 | 347 | 6 |
| MAY Jean-Jacques | abs. | | 153 | 8 | 153 | 13 |
| MEIS Fränz | abs. | | 101 | 12 | 101 | 17 |
| MUNO Dan | 87 | 9 | 155 | 7 | 240 | 10 |
| NICOLAS Jean-Marie | 45 | 12 | 45 | 17 | 90 | 18 |
| PAULUS Raymond | abs. | | 45 | 17 | 45 | 20 |
| **PIERROT Dan** | **327** | **2** | **276** | **5** | **603** | **2** |
| RIES Roland | 86 | 10 | 264 | 6 | 350 | 5 |
| SCHRANK Andy | 179 | 4 | 101 | 12 | 280 | 8 |
| **THOMA Raymond** | **91** | **6** | **399** | **1** | **490** | **3** |

*PODIUM*

***Champion 2012*** GILSON Michel

***Vice-champion*** PIERROT Dan

***classé 3e*** THOMA Raymond

plus gros poisson : 44 cm Thoma Raymond